

Aarm a Reich

Téâterstéck an zwěn Akten

vum

W. GÖERGEN.

Musék v. Här Kapellemeeschter Fern. MERTENS.

SOCIÉTÉ POUR LA PROTECTION DE L'ENFANCE.

REVUE DE LA CRÈCHE DE 1914.



Aarm a Reich

Téâterstéck an zwêñ Akten

vum

W. GŒRGÉN.

Mat Muséck vum Här Kapellmëschter Fern. MERTENS.



Letzeburég
Drock vum Jos. BEFFORT
1914.

PERSÖNEN:

De Breiesch Klôs, en Dolëner.
D'Grêt, seng Fra.
D'Grêdli }
De Pîrchen } hir Kanner
D'Kätt, èng Nôpesch.
D'Presidèntin }
De Presidènt }
Patronëssen } vun der Crèche.
Den Dokter }
Kanner.
Schwesteren.
De Josy, en Zaldôt.
E Stodènt.
Èng Barongin.

(Den èschten Akt spilt sech ôf an ènger Stuff vun
ârme Leit; dén zwêten an der Crèche. Zwöschen dén
zwê Dêler lît èng Zât vu 6 bis 7 Mént.)

I. Akt.

(An ènger Stuff vun ârme Leit. Eng Mamm mat hiren zwê Könnercher, Grèdeli a Pîrchen. Si kent an d'Stuff, u jidder Hand e Klèngt).

D'Mamm: Kommt, Könnercher, mir gin an d'Stuff; dobaussern erkält ên sech d'Hîrz am Leif. De Pappa wèrd secher geschwö kommen.

D'Grédeli: Gèlldu, Mamina, da mechs d'ons ower och e klèngt Feier an den Uowen? Meng Fangeren du mer esö wě.

D'Mamm: Gewöss, mei Kand; nach ên Amènt Gedold! (Fir sech). Dât gêt mer wě e Stech dûrch d'Hîrz, dass dë ârme Wîrmercher sô frë schonn d'Batterkêt vum Lièwe schmâche müssen, wann âner Kanner nömmme Fréd a Pleséer hun, Hîrz-wât-begêrs-de krëen ann esö wénegstens aus hirer Kannerzeit séss Erönnerongen materiwerhuelen an den Ierscht vum spédere Lièwen. Kuckt, ech vergonne jidderèngem alles Gudds, mé heiånsdo iwerkent mech dach bâl èppes, wě Néid ann Ierger — den Härrgott wöll mer et verzeien — wann ech gesin, dass dë èng alles hun, sech alles erlâbe können, wann dë âner Krott leiden a knapps e puer Fatzen hun fir de Blös ze bedècken.

De Pirchen: Mamma, ech sin hongerech.

D'Mamm: Gleich, mei Könni. (Fir sech.) O Gott,
o Gott, ech verzweiwelen! Kê Maufel Bröt,
am Schâf, kê Kuel am Uowen, ann nach
keng Aüssicht dass et bësser gët. Gier gef
ech schwärzen Honger leiden, wann ech
nach de Kanner könt hirt Genige gin. Gef
dach e gudde Gëscht, dass mei Maq haut
wënegstens èppes ze verdenge krît! Mè
d'Zeite si schwéer ann d'Gèld ass rar. Dé
virege Mont hât ech alt probëert, fir sèlwer
e puor Stonnen den Dâg schaffen ze gôen,
wel èng Nôpesch sech offerëert hât, meng
Kanner dë Zeit ze iwerwâchen. Mè dir
wösst jo wë dât gët. Wë ech fort war, ass
meng gutt Fra klâtsche gâng ann d'Kanner
hâten ons d'Bëtt, dât ênzecht wât mer hun,
a Brand gestach. E Gléck bei d'Ongléck,
dass onse Wis-a-Wis den Damp bei Zeite
gesin huet, soss wären ons puer Miwelcher
Romp a Stomp verbraigt ann d'Kanner vléicht
dermat. Nên, op dë friem Leit ass kë Ver-
lôss, ann dach hât meng gutt Fräche sech
net genëert, mir d'Halschecht vu mengem
Lön ze frôe fir hir villech Më. Du hun ech
mir virgeholl, et ka komme wât wölt, ech
bleiwe bei menge Kanner, a wa mer mussen

zuschânc gôen, a Gottesnâmen, dann ass et êndun. Vleicht krit och d'Sâch alt geschwönn èng Drë, et önt mer èppes.

D'Kanner: Mamma, kept de Pappa da bâl ?
(D'Dir gêt op) Dât ass en !

D'Kätt (èng Nôpesch): Gudden Owend, Grët !

D'Grët: Gudden Owend och !

D'Kätt: Ma so, wât kucks de esõ moþkech drân ? Et gëf ên net sôen dass Fuosend wär.

D'Grët: Mei lëft Kätt, et ass Matteis am lëschten. Wann ê muss gesin, dass alles d'Önnescht d'êewesch gêt, dass neîscht sechì èngem më schosselt ann dass d'ârein Könnercher vun Honger a Këlt doerömmer söeren a jémere gin, da vergin èngem dë Fuosendsstaûten.

D'Kätt: Mé do hât ech wîrklech dë Këer e gudde Gedanken. Meng Duochter hât hirem Mañ e Plättel Verwürelter gebâkt. Du duocht ech bei mir: Dât do wär èppes fir dem Grët seng Klëng, ann ech hun en der en ètelech' an èng Titche gemâcht. Heit dir Könnercher, dir sollt och Fuosend hun.
(D'Kanner strëcken d'Hänn geierech derno als a bëissen wë hallef erhengert drân.)

D'Grët: Wë sét ê, Kanner ?

D'Kanner: Mèrssi, Tatta.

D'Kätt: Ei, dë gin erân ewë gesént Lîcht. Dât schmâcht déne klënge Meilercher.

D'Grét: O jo, ech kann der net sôen, wât dë
en Appetit hun; 't ass kên natîrlechen
Honger dât. Wa mer Gromperen hun, dann
hun se èng am Monn, èng an der Forschëtt
ann èng am A. 'T ass wirklech w e e Fluch
bei desen deieren Z iten. Ech kr en d 
ârme Sch llemcher net m  s t. (Si sch ckt
d'Kanner sp llen.)

D'K tt (fir sech): 'T ass och nach e Wonner. Si
hu k  F llem nt am Leif ann  nmmer de
Spillma n am Mo. —

(M  h rt) W t ass dir, Gr t? Du bass es 
bl ch ew  der D d.

D'Gr t: 'T ass n tscht. Ech kr en hei nsdo
 ppes w  de S t. 'T wor mer elo op  mol
es  w ch gin. Wel ass et er m ew ch.

De Kl s (k nt er n). En huet e kl ngen Habberd tzchen.
· E singt: Sch n ist die Jugend bei frohen
Zeiten, sie kommt ja nimmermehr.

D'Kanner (maten n): De Pappa! De Pappa!
(Sie l sen op en duer a kl tschen an d'H nn.)

De Kl s: Jo, Kanner,  re Papp ass hei, elo get
et Fr d!

Ah! gudden Owend Gesfodesesch! W  ass
et mam Domino? G lt K tt, haut den Owend
m che mir zw  de Konterdap ?

D'Gr t: O Gott, o Gott! alt er m  ng K er!
(Zum Kl s:) Schusom dech an deng S l er n!

De Klôs: Wât! schusomen! D'n Owend gi mer op de Wullsbâl ann dann ass de Jux Trompaus.

D'Kanner: Pappa, wât huſos d'ons matbrûfocht?

De Klôs: Geld! Geld! Hei, Könnercher, hut der e Groschen ann da git der sech a Möllesch èng Virwötztitche kâfen.

D'Kanner: Mèrssi, Pappa! (Of.)

De Klôs: Mir hun et jo ann 't ass Fuſosend. Solle mir dann elèng hei sötzen ann Drib-sâl op den Nôte blôsen, wann d'ganz Welt op dér Kopp gêt! Den Zèrkел ann de Kassino kommen net më aus der Fréd eraüs. All Owes ass en ânert Getüts a Gejéngs. Affische wě de Peſeschbîerg esö lâng mèlde weider néischt wě Soaréen a Bâle mat ann uné. D'Zeitonge müſſen all Woch siwemôl èng Béluſocht brenge fir all dë Fèster, Mätsche, Téäteren a Kopssèreen z'annonſéeren. Ann dobéi hêſcht et ömmer, et wär kê Géld më önner de Leit. Jo, wann et hêſcht èngem ârme geplôte Stôt emôl èng Pies ze schènken, dann ass de Portemonnë eidel. Gâr hinnen, wa mir âner emôl d'Hèft an d'Hand kréen, da rabbelt et an der Geieköscht. 'T liëft ên nömmen êmol, a Fréd muss sin, gëlt Kätt: «Schön ist die Jugend, sie kommt nicht mehr!»

D'Grét: Wât domm Faxen!

D'Kätt: De Klôs huet Rècht. Wann de Spilman geit, da soll gedanzt gin. Jé, Grét, huel Verstaund un a vergonn dengem Man och emôl èng klèng Fréd! E muss sech dax genoch de Riimm öm en ètlech Reilächer mě zözseen; duefir soll en och emôl èng löschtech Stonn hun.

De Klôs: A la bonheur Gefuedesch, dir verstitt èppes vun der Sâch! Lâch emôl, Grét, a kuck dei Klôs an d'Aen: Ass dât kê seine Borscht? Wât wors de hofrech virun ènger halwer Dose Jôer — et wor och an der Fufosend — wě ech dech am wéisse Klêd an d'Kirech geföert hun! Eng mě èng sché Koppel hâten se ewèll a siwe Mîerzlichter net mě am Fobur gesin.

D'Kätt: Ann dât wölt èppes hêschchen, wel bei ons get kê Grêisslecht bestusod.

De Klôs: Mé et hât Kräinp kascht, bis mer Handstrêch konten hâlen. Dei Papp gott-trëscht hât esö e verpâsst Kapp, hie wölt ömmer mat Dainp fueren. «Onst Grét ass net fir dech gewéckelt gi, mei Jong,» sô huet en ömmer duergebass, wann ech uklappe kôm. Hsén hât net fir néischt sö läng op de Lêscht geklappt; um bôeren Drôt huet et him net gefélt. Ann ömmer

wolt en nach mē hēch flēen. Sei Grētchen,
de Stuel vum Fobur, solt en décke Mariâsch
mâchen: dât stong esō fèst bei him ewē
Pâsfendaler Bréck. Ann du kôm de Klôs,
en Dôléneschjong, dé weider nêtscht hât
ewē seng grued Glidder, ann dé wolt dé
Goldfösch fänken! Gês de hêm! Kuëtschen
och!

D'Grét: Jé, Klôs, schwätz net mē dovun. Mei
Papp gotttrscht huet et gutt gemèngt

De Klôs: 'T ka si, Grētchen, mé du hues et
besser gemèngt ann du sôts, du wöls kên
ânere wé dei Klôs ann domat hâs d'och
Rècht.

D'Kätt: Wel 't ass nömmen ê Klôs ann dâs de
Breiesch Klôs. En Hêrz vu Gold.....

D'Grét: Ann e Kapp voll Kuëcksölwer.

De Klôs: Ann 't soll emôl ên dén huelen!

D'Grét: 'T wèrd ên sech duefir bedaiken. Esō
e Lîchtfanck, dén drocken hêm kent, wann
d'Fra ann d'Kanner kê Bröt hun!

De Klôs: Wât sés du do! meng Kanner kê
Bröt! Hei, Grêt, ass e Jubiléumsdaler, e
kent eröscht frösch aus der Fabrek. Eng
âl Härekächen, dér ech Kuelen an de Këller
gedrägen ann Holz gemâcht hun, huet mer
dén an èngem gudde Moment an d'Hand
gedréckt. Si huet vleicht gemèngt, e wär

nogemâcht. Si huet mer esöguer nach èng Pies derbei gin ann èng Gutt aus hirer Priwâtfläsch. (D'Kätt lächt an d'hé Lücht.) Ech hun er gefal, dér âler Kuötsch. Wann é Schanss huet! Mé ech hât er de Brët ower och öm de Mond geschmiert. Kuck net sô motzech dra, Fra! — Ann elo gês d'ons en uerdekléche Frikassé sichen ann da get Fuosend gemâcht.

D'Grét: Frikassé! Sô ass en! Wann hîen èng Mark an der Täsch huet, da mèngt en e wär më reich ewé den Hèrzog.

D'Kätt: Daapk dem Härrgott, dass en esö e Korèkter huet ann de Mutt net verlëert trotzdem ville Pèch dén en hât. Wann hîen och gser bei der Löschtechkêt ass, fir seng Fra a seng Kanner gef en dach d'Hèrz aus dem Leif. Wie kann derfir, dass hîen emôl heiånsdo èng Néngchen hält. Dât ass him ugebueren ann dât hölt kên Dokter a hé Paschtöer him ewèch.

D'Kanner (komme gesprungen, jidderent èng Virwötztitchen an der Hand; si sangen): Eng Virwötztitchen! Eng Virwötztitchen!

D'Grédeli: Hei Mamma, huel e Kierchen!

D'Mamma: Mèrssi, mein Engel. (Si wöscht Trénen ôf.)

De Pirchen: Pappa, schmâch emôl! dâ's guddi!

D'Grédeli: Tatta, wölls d'och èng Bénchen?

D'Kätt: Ech danke, Modi, stîech s'an dei Mönni.

De Klös: Nu sô nach ên, ech hätt këng brâf
Kanner!

D'Grét: O Klös, w   get et mer elo es   schl  cht!

(Sie f  llt schw  ch. D'Kätt ann de Klös f  gken s'op.)

D'Kanner (maten  n): O Mamma! l  f Mamma!

De Klös:   m Gottesw  llen, l  ft Gr  tche, w  t
hues de? Du gesc  is jo a  s ew   èng Leich!
— O K  tt, et st  rft! et st  rft!

D'Kätt: Breng W  sser ann dann h  rtech zum
Dokter! (Dem Kl  s ass den Dro  k op emol âl ver-
g  ng. E bringt en Doch ann e Gl  s W  sser; da
l  ft e verspuerestr  chs fort. D'K  tt w  scht dem Gr  t
d'Gesicht.)

D'Kanner: Nedu, Tatta, d'Mamm st  rft net?

D'Kätt: Biet, Konnercher, dass den H  rrgott
s'er  m gesond mecht!

D'Kanner (f  len d'H  nn a b  de maten  n).

Du l  we G  tti, komm dach hier
A m  ch ons Mamma 'r  m gesond!
Mir hun dech dann nach vill in   g  r
Ann danken dir yun H  rzensgrond.
Du l  we G  tti, h  l se dach,
Mir hun si allegfert 's   g  r;
Mir sch  pk  n dir och êncock nach
D  n allerd  cksten Zockerki  r.

D'Grédeli: So, Tatta, ass d'Mamma eröm gesond?

D'Mamm: Sit röech, Könnercher, d'Mamma ass erön gutt.

E Kand (zum âneren): Gesëis de, Bridderi, de Götti huet gehollef.

D'Kätt (zum Grêt): Du hues vleicht èppes um Mo sötzen?

D'Grét: Et wär jo mglech, dass dë gaqz Sâch vum Mo këm.

D'Kätt: Èn Amènt! Ech lâsen der hûrtech èng Jatt Möllech ann e puer Brëdercher sichen.
(Of.)

De Pirchen: Gèlldu, Mamma, elo ges d'och net inç krañk?

D'Mamm: Nê, Könnercher, èr Mamma dârf net krañk gin a wann s'och vun de Bënen erôsfällt. —

D'Grédli: Hei, Mamma, ech hun nach èng guddech Zockerbón; iess dë, da ges d'eröm gaqz gesond.

D'Mamma: Mérssi, Hierzchen, versuerch se fir dech! (D'Kand klömmert er op de Schöss.)

(Fir sech.) Wât soll nach aus menge Kanner gin, wann d'Ongléck sech net get ann ons op Schirött ann Trött verfollecht? Ann dobei nach dé lichtgesònnte Mañ!

D'Kätt (kent erâgestîrmt): Hei, Grëtchen, dât dêt de Mo eröm schaffen. Eng gutt Jatt

Möllech, fröschgestrach vun onsem Märeche
senger bëschter Gëss: dât mecht Kräften.
Hei du, lôss der se gutt schmâchen! Ann
hei sin och en ètlech trëtersch Brëdercher aus
dem Jämmes senger Mull ; si schnelzen der am
Monn. Wann se dë erâgefeiert hues, da
ges d'eröm en ânere Mensch. De Klôs wèrd
jo och geschwö mam Dokter kommen. Ech
muss eröm hëmlâfen, onsem Märechen sengem
Böf den Zâp zéen ; et ass esö op êmol un
e kom. Èng Kannergeschicht. Arwuer bis
derno! (Of.)

D'Grét: Endlech eröm èppes Wârmes! (Si wölt
drépken.) Mé dë ârme Kanner hu secher och
nach Appetit. Hei, Könnercher, huelt èng
Schlippche vun der Tatta! Sö, sö! (Fir sech)
Wë dât e schmâcht, dë ârme Schéwercher!
Nun huelt iech och nach e Brëtchen!
(D'Kanner sötzen sech duer ann lëssen. D'Grét
dréngt och èng Schlippchen ann össt e Bösjen.
Fir sech:) 'T sołt ê wirklech ni verzôen.
Wär dach mei Mañ eröm hei! Elo nach
den Dokter ze brengen ann dë vill onnötz
Käschten ze mâchen! Wò kont ech en dach
fortgôe lôssen? Et félts mer jo néischt më.

De Pirchen: Mamma, d'Könni mecht schlôfi. (Dat
éilst spilt mat senger Popp.)

D'Mamm: Da komm op mein Ärni, da mâche
mer Dada. (Si höllt d'Kand op den Arem, kösst et
a wët et hin ann hîer, andéms ass se séngt:)

Schlöflidchen.

Dada, du mei Schêfchen,
Mâch e-sësse Schlêfchen!
Mâch deng Guckelcher fèst zô,
D'Sönnchen ass och schonns an d'Rö.
Hu! wë jumint de bëse Wand!
Méch giér kâl mein âreint Kand.
Susu! Susu!

2.

Dada, du mei Schêfchen,
Mâch e sësse Schlêfchen!
Dönn ass d'Bëtt, dass Gott erbârm!
Schlöf, meng Sprëf, da ges de wârm.
Blêch a middech ass deng Min,
Könt ech dir mein Hierzblutt gin!
Susu! Susu!

3.

Dada, du mei Schêfchen,
Mâch e sësse Schlêfchen!
Dei Schutzëngel wâcht bei dir,
Kösst dei Mündchen ann deng Stir;
Dèckt dech mat dem Flëlek zô,
Dann ass och deng Mamma frô.
Susu! Susu!
Schlöf, Schêfche, schlöf!

D'Mamm (lues) : E schlëft scho wě en Däxelchen. Wât ass dach dé Schlôf èppes Guddes. Dujé, e lâcht mam ganze Gesichtelchen. En drêmt sech glécklech. Elo léen ech e lues a sei Bèttchen, dass en net a sengem Gleck gestëert get. (Si drët en an d'Bèttchen. Zô dém âneren :) Komm och emôl op mei Schëssche, Modi, da verzîelen ech der och èng sché Geschicht.

D'Grédeli (D'Kand klömmmt der Mamm op de Schöss)
Jo, jo, Mamma!

D'Mamm: Da laûschter! — Et wor emôl e Papp ann èng Mamm, dě hâten zwé Könnercher.

D'Kand: Wě inir, Mamma?

D'Mamm: Wě dir, mein Engelchen, ann dě Könnercher woren sô lëf ann sô brâf, dass de Papp ann d'Mamm si fir kê Gëld a kê Préis hätten entbïere wöllen. Du kôm de bëse Wanter mat Eis a Schnë.

D'Kand: Du wornen d'Könnercher secher frô?

D'Mamm: Dě èng Leit wore frô, dě âner hu gekrasch. Ann de Wanter wolt net më fortgôen. En huet dénen ârme Leit d'Feier um Hîerd ausgeblôsen. 'T gôf kâl an der Stiffchen ann eidel am Schâf. D'Könnercher krûten d'Fangere kâl.

D'Kand: Wě ech, Mamma ? Si reift em d'Fengercher.)

D'Mamm: Ann si göwen hongerech. Dât huet den Elteren esö léd, esö léd gedongan. Vu muerges frē bis owes spēt ass de Papp, dé net gaŋz stārek wor, den Aarbechte nogângen, fir Bröt op den Dösch ze schâfen. Wann hiſen sech och alt heiānsdo emôl vergiess huet, sein Hîerzblutt hätt en dach gi fir seng Fra a seng zwê Könnercher. D'Kätt (kent erâgestirmt a rifft ausser Otem): Höllef, Grêt, êre Klôs ass iwerfuer gin !

D'Grét (dête Krêsch): Ha ! meng ârme Kanner !
(Et fällt schwâch).

D'Kand (sprengt erôf a rifft): O Mamma ! Mamma !



II. Akt.

En Zömmere an der Crèche. D'Schwestere spille mat de Kanner.)

Eng Schwester : Nu kommt, Könnercher, da sange mer och emôl e Stéckelchen. (Si sangen e Lidd a mâche Gësten derzô.)

E Kand : Schrester, de Feierwôn!

D'Schwester : Da stèllt iech schën a Rei a Glidd !
Kätti, lé deng Hännercher schën anenên !
Pirche, stèll du dech op des Sët vir ! Sö !
(Si sangen. Op êmol kent de Klôs anñ seng Fra erân. De Klôs drët den Arem an ènger Schlénger.)

De Pirchen : Oh, mei Pappa a meng Mamma !
(E lëft op se duer; d'Elteren hêmelen hirt Kand.)

D'Grét : Bonjur, Schwester ! Verzeit, wa mer iech stéeré kommen. Ech wolt onsem Klôs ower dach och emôl weise kommen, wě onse Pirchen elei esò gutt opgehuewen ass.

D'Schwester : Ah, dâ's êre Man ! Da komint, huelt iech Plâz ! (Si rëcht en zwê Still duer. Si sôtzen sech rëchts. Zu de Kanner:) Nu git, da spilt der schë matenâner. (Zum Klôs:) A wë gêt et iech dan, Här Breiesch ? Ass den Arem bâl eröm gehëlt ?

De Klôs : Obé, ech danke, Schwester. Mé dât wor èng wëscht Geschicht. Ech hât nach

Schañss derbei; et hätt mer könne fir de Kapp gôen.

D'Schwester: Jé, jé, wât der net sôt!

D'Grét: En hât e gudde Schutzëngel, dén d'Hanß iwer e gehâlen huet.

De Klôs: Ech glêwen't haut bâl sèlwer. Wel dât wor iech e Karambolâsch; ech hu gemèngt, ech gëf all Engelen am Himmel sangen hëeren. Dir wösst jo, Schwester, dass onst Grét op êmôl èppes wě èng Hierzschwächt krit hât. Ech lâse verspûcre-strêchs op den Dokter lass a grâd wě ech bei Piren öm den Eck wöll, hei keqt en Automobil do gejummt — ann ir ech mech ömsin hât, wor d'Ongléck geschitt. De Kapp zerstöss, en Aarin op drei Plâze gebrach ann d'Trêipen am Leif ewě gerédert. O Mainmeli, et grujelt mech nach! Ech hu geblutt ewě e Rajd. Déni Dokter Alesch sôt zumer: «Mei Jong, du muss èng Pärdsnaturhun, soss wärs de ênzeich futti gâng». Mé 't wor net fir ze spâssen. En halleft Jôer dôerömmmer grûntschen a jûntschen ze gôen, wann d'Kanner néischt ze réissen ann ze bëissen hun, dât lèxëert. E Gléck, dass ons Klëng alt bei gudde Leiden önnerbrûechecht göwen ann dass onst Grét du koqt verdénge gôen, soss wären et spatz Meifel fir ons gin ann

ech hätt dach vléicht missen an de Ginz
göen.

D'Grét : O jo, Schwester, mir können sech net
genoch danken, dass dir ons Kanner esō
gutt versüercht huet.

D'Schwester : A wāt mecht d'Grēdeli dan? Dât
wor emôl e gewöllecht Kand.

D'Grét : Do huet der Rècht, Schwester; d'Josser aus
der Poppelchesschölkann sech senger och net
genoch beluewen; esō ärdech ass et wě èng
Wisbei ann esō gedöllech wě e Schēfchen.

De Klōs : 'Tass seng Mamin wě duergespaut.
(D'Schwester gêt op d'Dir lass.) A wāt kommen
dann do fir zwō fēiner Dammen? Ech mènge
Grét, wa mir ons drécke gēwen.

D'Schwester : Bonjur, Madam Présidentin! —
Bonjour, Madam Bürjerméschtesch. (D'Kanner
kommen se grëssen a rēchen hinnen d'Hand.) Hei
sin d'Eltere vun onsem Pîrchen, dir Damnen.

D'Présidentin : Ah, bonjur, Här Breiesch!
(Si get em d'Hand.) Bonjur, Madam! (Si get
dem Grét d'Hand.)

D'Bürjerméschtesch : Bonjur! Bonjur!

D'Présidentin : Et frét mech, dass dir sech vun
êrem Akzidènt eröm esō wéit erhollt huet.
Wāt sét den Arem?

De Klōs : Ech danke, Madam, fir d'Nosfrô. Hiē
sét, e wölt sech eröm schécken.

D'Bürjermëschtesch : A wě ass da mam Appetit,
Här Breiesch?

De Klôs : Fröt: onst Grêt, Madam; en Appetit
ewé e Wollef, et gëwen drêi uerdeklecher.
Onst Grêt wëss bâl net më den Duëbelen
ze wiären.

D'Presidentin : Ann de Kapp ass och eröm an
der Rei?

De Klôs : Obé, ech kann net klôen.

D'Grêt : Et wor net alles gefélt, dass en e wënech
geröselt ass gin. Du ass dât Gutt eröm uewe
kom. Wann en nömmme bei déer Idi bleift.
E kann iech emôl kë Glâs më gesin, ge-
schweigens....

De Klôs : Jé, schlô dât Blât öm, Frächen! —
Jo, dir Dammen, et gêt alldâg bësser, a fir
de Wanter gêt de Klôs eröm op d'Schaff.

D'Presidentin : Net zevill frë, Här Breiesch,
dass der net eröm duer leie komint. Ver-
sûercht iech gutt! — Ah! elei kent jo och
onse gudden Här Dokter.

Den Dokter (grésst dë Dammen ann d'Schwesteren).
Bonjur, dir Könnercher! (Si kommen erbéigeläf
a gin him d'Händchen. E gréift a seng Pardessüls-
täschchen anñ hölt zwô grôsser Tûten eraùs. Zu de
Kanner:) A wîe wor dann haut net brâf
gewièsch?

Dé klènge Willy : Här Dotier, d'Dëtti, hât der

Datta Dët net defollecht ann — ann — ann — èppes demächt. (D'Kätti hält d'Hänn virun d'Aen a fägkt un ze schluxen.)

D'Schwester : O Här Dokter, dë Sâch wor net esö schlömm. D'Kätti hât et dach net gîr gemâcht ann 't huet seng Tatta Grêt grâd esö gier ewë dë âner Könnercher se gîr hun. — (Si mecht dem Willy e Fanger.) Nu mâch, du Décken, dass de neischt më gënt d'Kätti sés, soss... (De Willy fängt hârt un ze pîtschen. Dë Damme lâchen.)

Den Dokter : Sief du röech, Willy, du bass dem Dokter sei Bëschten. Nu gë, da ges de dem Kätti d'Händchen ann dann ass alles eröm an der Rei. Hei, Schwester, ech hun de Kanner èppes Klènges matbrûecht. (Rêcht hir dë zwô Tûten duer.)

D'Presidëntin (mecht dem Dokter e Fanger) : Ech mèngen, Här Rischard, dir verwïnt mer dë Klèng e bösje vill.

Den Dokter : 'Tass net sô uerch, Madam Presidëntin. (E gêt no rèchts hin ann drët sech zum Klôs ann zum Grêt.) A wât hu mir dann elei fir Paziënten ? Dât sin alt scho grôss Kanner.

De Klôs : O jo, Här Dokter, dë brâuchen net më gewéckelt ze gin.

D'Grêt : Dén elei ower nach, wë dir gesit, Här

Dokter. Ann heiāsdo Strēch, dě gěwen dem Breiesch Klōs vleicht och net alles schueden, wāt mèngt der duerzō, Här Dokter ?

Den Dokter (zum Klös) : Ah ! dir set den Här Breiesch, dén den Automobil ömgehēit hât ?

De Klös : Pardon, Här Dokter, dir verwisselt, hien hât mech ömgehēit ann dât èllen.

Den Dokter (läch) : Ah ! esö ! et woren Tětsche gin, hn ?

De Klös : A wěschter, mé se sin ower schonns bâl erömausgewüss, Här Dokter.

De Pirchen (kent bei seng Mamma geläf, e Bonbon an der Hand) : Kuck, Mamina, wāt hun ech vum Här Dokter krit !

Den Dokter : Ass dât èren ? Dâ's e gesonte Kadett. (Hie get dem Klös ann dem Grët d'Hand a sét :) Da lôss mer emôl no onse Paziènte kucke gô'n. — (Zur Schwester.) Wě ass et mam Jängi, klôt en nach am Hals ?

D'Schwester (rifft) : Jängi, komm, weis dem Dokter dein Hälsi einôl. (De Jängi kent mat èngem verbonnenen Hals.) Ech mèngen, d'Sâch měch sech eröm, Här Dokter.

Den Dokter : Dann dě emôl de Mönni op, mei Bèschten ! (De Jängi rëert sech net :) Allons, Fissjen !

D'Schwester : Da jé hûrtech, Jängi, follech och ! (De Jängi bugëert net.)

D'Presidèntin (kegt erbêi) : Fircht net, mei Jong,
't geschitt der néischt. Nu mâch dei Mönni
sché grössech op ! (De Jängi flankt keng Min.)

Den Dokter (röselt de Kapp) : Wât huet dât Kand
dach ? E wor dach soss esö gewöllech.

D'Bürjerméschesch : Dě do ass net schlècht.
Allons, mon fils, da follech dem Dokter !

De Klôs (kegt och erbêi lüssen) : Ech mèngen dir
Hèrrschâften, dât Kand hätt èppes am Monn.

D'Schwester (probëert fir dem Jängi de Mond opze-
mâchen) : Nu mâch de Möndchen schén op,
gèlldu ?

De Jängi (schléckt èng Kéer kräftech, reisst d'Watt vum
Hals erôf a rifft) : Ei, Schwester, dât wor e
gudde Bonbon ! (Si lächen all.)

Den Dokter : Den Här Breiesch hât Rècht.

D'Bürjerméschesch : Dé kènnt och ewel èppes
vun der Dokterei.

D'Presidèntin : Ech mèngen, onse Kraüken wär
eröm op der gewonnener Sëit. Wa soss alles
stömmt...

Den Dokter : Da lôsst mer weider gôen ! (Si mâchen
den Tur vun èngem Kañd zuin âneren a spâsse
mat jidderèngem.)

De Klôs (sötzt eröm beim Grët) : Hues de hëdere,
Grët ? Dě si bâl më frendlëch mat mir ewé's
du. Den Här Breiesch !! Sü sin ech ewel
lång net më titelëert gin. Nêñ, hätt ech dât

gemèngt! Dât ass Här Breiesch hei ann Här Breiesch do. Vun esō hēch Dammen esō geschmēchelt zegin! Dât ass jo d'ömgekéert Wèlt!

D'Grét: Ann hues de hēeren a gesin wě den Dokter esō besüercht ass?

De Klôs: A wâl e Geschéck hun dě Madammen fir mat déne Kanner ömzegđen. Fir jidderént hun se e frendlecht Wûrt.

D'Grét: Ann d'Schwesteren erëscht!

De Klôs: O jo, këng Mamm kejt mě lëf a më gutt, gënt hir Kanner sin.

D'Grét: Dě Engelsgedold! (Si stësst de Klôs.) Hei Zaldôte!

2 *Zaldoten* (si grëssen ann ê gët op d'Presidëntin zô):
Bonjur, Madam Presidëntin! Den Här Kapèllemëschter Mertens schéckt mech hier fir iech am Nûem vun der Militärmusek d'Ressëtt vun dem lëschte Konssér zum Bëschte vun der Crèche z'iwerrêchen.
(Hé preséntéert er èng Enveloppe.)

D'Presidëntin: Wë gënti! Villmóls Mèrssi fir dë Gutthêt! Mir wèrden dem Här Kapèllemëschter a senge bråwen Artisten nach persënlech onsen Dañk aussprièche kommen.
(D'Zaldote grëssen a gi fort. D'Presidëntin mecht de Brëf op a weist den Inhalt gañz verwonnert der Burgermëschtesch.)

De Klôs (rifft en no): Här Kaprôle, dât huet der gutt gemâcht. Wif d'Armé!

D'Grét: All Respèkt virun esõ ènger Musek!

De Klôs: Geseis de, mei Kaqd, d'Musikaqtion hun net cleng èng gutt Strass, mé och e gutt Hêrz.

De Klôs: A wât kënt dann do fir e Sprengerlek?

E Stodènt (gêt op d'Presidèntin duer): Bonjur, Madam Presidèntin! Am Nuom vun der zwêter Ekipp vuim Sporting brengen ech iech den Erdrâg vun onsem lëschte Mätsch. Vleicht gêt et duer fir èng nei Wě unzeschäfen.

D'Presidèntin: Brâwo, inel Jong. (Get em d'Hand.) Am Nuom vun dem ârme Kondchen, dât durch êr Gutthêt hei kann önnerbrûocht gin, sôen ech iech villmôls mèrssi. Dât Wîrk do wèrd iech scho Gleck an èren Étude bréngen. (De Stodènt of. D'Presidèntin ann d'Bûrjermêschtesch sprôche matenén).

De Klôs: Hätt ech dât gemëngt! Ann da soll ên nach un der Menschhêt verzweiwelen, wann esögûor dë klengst bei ènger gudder Sâch net féle wollen!

D'Grét: D'Gutthêt ass dein Letzeburger ugebüoren: dât leit a seinger Rass.

De Klôs: Dât nennen ech nach Sport dreiwen!

D'Grét: Hin! elo kegt èppes Grôssârteges!

Önnen op der Seît 25 ânzestellen, no der Rei:

De Klös: Dât nennen ech nach Sport dreiwen!

(*De Klös* stësst d'Grët an d'Seit): Oï-oï-oï! Do kommen der zwën, dë hu gutt ze Möttech giëss!

D'Grët: Wénechstens dé mat dem Kuëtschendéf.

(Zwën Hären, de Pross ann de Kamill, kommen erân; de Pross huet den Zylinder e bësjen op der Seit sôtzen a lächt an d'hé Lücht.)

De Pross): Bonjur, dir Härschâften!

De Kamill) (Si grëssen no alle Sôiten.)

De Pross: A wât mecht dann êr grôss klèng Familjen hei, Madam Presidëntin?

D'Presidëntin: Ech daiken, Här Dübois, 't ass alles zimlech monter.

De Pross: Heit, Schwester, wöllt der vleicht de Könnercher det aùsdêlen? (E récht hir èng Tût mat Bonbongan.)

De Kamill (fir sech): Dujé, wär ech eröm dobüussen!

D'Presidëntin: A wât verschâft ons dann d'Eer vun èrem Besuch, dir Hären?

De Pross: Mé wann d'Madam Presidëntin erlåbt, da wöll ech dénen Härschâften dë Sâch verzielen enfin. Dëgkt iech emol un, Madam,

göschter ass mir èppes passëert, wât ech
 nach net erlëeft hât enfin. Ann dât wollt
 dach èppes sôen fir e bestuetene Mañ! Do
 sôtz ech jo net mat onsem Jeannètt an der
 Stüffchen a mir hun zesunme mat onsem
 klènge Krönepreñz gezäpkjt. Mir hâten ons
 Gellecht mat em enfin. Mé 't ass iech ower
 och ên, Madam Presidëntin, dir keñt en
 fessen. Ann en huet dach gepôtert a gekränt
 a mat déne mocklechen Hännercher geklappt
 ann da mat déne wibbleche Fëssercher
 getappt wě esö e muttwöllecht Fillen. Op
 êmôl — ech hu gemèngt d'Hierz gëf mer
 zum Hals eraùssprangen enfin — du rifft
 e jo ganz dëitlech: Bab-ba! — A wann ê
 mir èng Milliön gin hätt, ech wär net esö
 frô gewîsch. Babba! fir t'ëscht Môl! Dât
 Gleck lësst sech net beschreiwen. Ech wor
 ewë gëckech vun eläuter Fréd enfin. Ann
 ech hun e gedréckt a gekösst, bis meng
 Fra sôt: «Mé Pross, sief dach verstännech,
 du dês dem Kañd jo wě!» — Nêñ, dë
 Stonn, dé Krêsch wèrd ech ni vergëssen,
 a wann ech esö âl gëf ewë Matusalèm
 enfin. «Jeannètt,» sôt ech zu menger Fra,
 «onst Kañd huet mir haut èng grössech
 Fréd gemâcht, lôss mir den ârme Kanner

och èng Fréd verschâfen. Muer drôen ech
der Crèche 50 Frang, ann hei sin se,
Madam Presidèntin!

D'Presidèntin: Dât wor e schène Gedanken,
Här Dübois. Am Nuom vun der Crèche
sôen ech iech villmôls Mèrssi ann ech
weñschen iech nach oft esõ èng lëf, on-
schöllech Fréd, iech, ère Kanner a Kands-
kanner.

De Pross: Mèrssi, Madam Presidèntin! Nu
komm, Kamill, da beichs du och!

De Kamill: O bé, dir Härschâften, meng Sâch
ass ganz einfach. Ech sôtz em sèx Auer
am Grand Café. Op êmôl gêt d'Dir op a
wië kept erân? Mei gudde Pross. Sei
Gesicht huet gestrält vu Fréd, ann op ênt-
zwê-dréi stong èng Fläsch mat ènger göldner
Kapuz vir un ons. A mir hun de Kröne-
prenz hèch liewe lôsst a gezielt a getôzt
u gebèchert, bis d'Lønpeklack gelaüt huet
a nach ömmer wore mer net um Ènn.

De Pross: Du kôm erëscht dât Schënst.

De Kamill: 'T ass ausgeschënt; du hu mer
gewât ann ech hu verlûer.

De Pross: Jéjé, eraûs mat der Fârf oder ech
fueren duer.

De Kamill: Wât soll da sin! Wë mer esõ od

s tzen, du g f et  lef, zwielef Auer, a mir
h ten alleb d  ng fatzech am K ssel.

De Pross: Ann du h s k n H usschl ssel ?
(De Kamill r selt de Kapp.)

De Kl s (st sst d'Gr t): Oho, elo get et inter ssant ! Ech gesin  ppes kommen.

De Kamill: A w  d t da g t, du hu mer
geschw t vun onse Fr en ann hiren N lpen
ann es virun annes fort.

De Pross: Halte-l , M nnchen, bleif bei denger
Ried ! W  h e gem rkt huet, dass ei es 
sp t w r, du g f en  ch op  mol es 
onggeh len; en huet um Stull hin ann hier
gef rkelt a gem ffert, w  wann em  ppes
g f f len. «Ech h len och,» s t ech zu him,
«et m ngt  n, du g fs f rchten.  mstand,
 rt Karolin huet — — den H usschl ssel?»

De Kamill: J j j , d t do inter ss ert d  H rsch ften net. (En dr t sech e b sjen op  ng
S it.)

De Pross: Vl icht m  w s du m ngs, g lt
Madam Pr sidentin? — K rz a gutt; mir
k men e b sjen hanneren n, d'S ch huet
sech z gesp tzt ann op  m l s t mei gudde
Kamill: «Ab , et sief e W rt: Wa meng
Fra mir net  nzoock opm che k nt a mir
sch  Bonsoir s t, da bezuelen ech 20 Frang
an d'Cr che.»

De Klôs: Dât wor Riski plang !

De Kamill (krâzt sech hannerm Oer): Heit Madam Presidèntin si meng zwanzech Frang. Ech hât dén Owend Pèch. Onst Klèngt hât dén Dâg grâd Zänn gemâcht ann du wor seng Mamm e bösjen nèrwës gin.

De Klôs (fir sech): Dann hu meng Kanner daeks Zänn gemâcht.

De Kamill: Esõ ass et, Madam Presidèntin, wel mèng Fra dât ass en Engel.

D'Presidèntin: Ech zweiwelen net drun, Här Molling, ann hâlt dir êr Fra an Eren !

De Kamill: Äddi, Madam Presidèntin ! Äddi, dir Härschäften ! Ann néischt fir onggutt ! (Of !)

Den Dokter: Au revoir !

De Pross: Arwur, dir Härschäften ! (Of).

De Klôss: Ewèll sin ech alt e bösje mě getréscht, wel ech gesin, dass vleicht net jidderên en Hausschlössel, mé jidwidderên sein Hausekréiz huet, gëlt Mum ! (En drët sech zum Grët.)

D'Grët: Leider Gottes sin dëjenech, dë et röech an Ere Gottes drôen, zimlech dönn gesët.

De Klôs: Hm ! elo kënt èppes Grössârteges !

Eng Barongin: Bonjour Madame la Présidente !

Erlâbt der, dass ech iech ên Ableck dérangéere kommen ? Bonjur Madam Bûrjermeschtesch ! Vous allez bien, Madame ?

Bûrjermeschtesch: Merci, Madame la Baronne.

D'Barongin: Mé mir hâte göschter Owend esõ e klèngen Thé dansant arrangéert a mir hun ons süpèrb amuséert. Du sôt èng vun inengen lnwiteen : « Wât mèngt der, dir Daunnen, wa mir fir d'Crèche gëwen ze-summeléen ? Dât ass jo sò èng éminènt gutt Oeuvre. » Brâwo ! rifft du alles, a gleich göf èng Kollèkt gehâlen. A la demande de toutes ces dames hun ech et iwerholl, Iech de Produit z'iwerbrengen. Hei ass d'Affär !

D'Présidentin: Wě charmant, Madame la Baronne, dass dir sèlwer iech heihinne bemée wolt, a quelle délicatesse vu Sentimènter, dass dir bei êrem Amusemènt och un ogs Poppelcher geduocht huet ! Grand merci ! Wölt Frau Baronin vlaicht sô aimable sin, fir am Nuñom vun der Crèche och dë âner Dammen ze remèrssiére fir dé schène Mu-wement ?

D'Barongin: Avec plaisir, Madame la Présidente.

D'Presidentin: Dîrf ech d'Frau Baronin bieden,
sech emôl ons Klèng beim Spillen ukucken
ze gôen?

D'Barongin: Vous êtes bien aimable, Madame
la Présidente.

D'Presidentin: Permettez que je Vous présente
nos sœurs — ann elei ass den Här Breiesch
a seng Madam ; si sin no hirem Klènge kucke
koïn.

D'Barongin: Ah ça! ass dât dén Här, dén dé
grawen accident hât? (zum Klôs:) Ann 't gêt
eröm gutt, Mossiö Breiesch?

De Klôs: Ech daûke, Madam, sô gutt ewë et
kann.

D'Barongin: Kurâsch, mir wérde scho fir iech
sûforgen! (Si gêt virun.)

De Klôs (zum Grét): Do soll ên sech mat Kreizer
sénen! Hätt ên esô èppes können dèñken?
Eng Barongin, dě mir d'Haqd get ann sech
no menger Gesondhêt ömfrét! O Grét, hâl
mech un, et gêt mer am Kapp ronderöm-
mer wë e Millerâd. Ann do huet et ömmer
gehêsch, dě Déck gëwen nömmen un hîrt
Gèld ann hun hiren Amusemènt dèñken?

D'Grét: Ech hun der jo wë dacks gesôt, du
solls net alles fir bôer Menz ofhuolen, wât
esô Maulhêlden dir opschwätzte wöllen.

De Klôs: Du hues Rècht, Grêt, de Klôs wor domm; mé d'Ae sin him opgång ewé Ginzeschéken. A vun haut un soll kê mir mě en X fir en U virmâchen. Ech kènnen nun meng Pappenheimer. — A wât ass dann dât do fir e feinen Här mat dénen Dammen?

D'Grét; Dâ's den Här Presidènt. (Den Här Uveling kënt mat e puor Patronessen. Begrëssong.)

De Presidènt: Bonjur, dir Dammen! — A wât ass dann hei fir e Besuch?

D'Presidèntin: Dâ's den Här Breiesch a seng Madam.

De Presidènt: Ah! den Här Breiesch! A wě gêt et dann? Sit der eröm esò wéit hìergestalt? — Dât wor en uergen Tuckert gin.

De Klôs: O jo, Här Presidènt, den Otem wor mer bâl entwutscht. Mé wě et schengt, si wołte mech nach net do uewen; ech muss nach e wěnech Böss dun.

De Presidènt: Mèngt der? (E lächt.)

(D'Kanner aus der Crèche trêden aus dem Hannergrond ervir op de Presidènt zô. Dât ênt huet e Rösebuké, dë âner jidderênt èng Rös an der Hañd. Dat èscht trött ganz ervir a sét folgende Sproch!)

Léwen Här Presidènt !
Scho foſzeng Jôer si vergâng,
Dass du ons Crèche hei opgericht ;
Mat Lëft a Loscht gõf ugefâng,
Ann du wor d'Aarbecht vill më lîcht.
Voll Blëendoft ass haut dé Bâm,
Déns du geplanzt mat Kënnnerbléck ;
Zur Wirklechkhêt ass gin dein Drâm,
Aus Mammelêd gõf Mammegléck.
Wie kënnnt dë Trënen dë gefal
Fir dât onglécklecht âremt Kapd,
Bis wë zu Bétléhém am Stal
E Stiér gelîcht dem Maminestand ?
Wie kënnnt dë Frédentrënen och,
Dë scho gekrasch se gin duefir,
Dass d'Nöt net më ewë e Joch
Hir Spûren dréckt op d'Kannerstîr ?
Och mir, dë hei sô glécklech sin
Wë d'Blummen an der Fréjörssonn,
Mir gin dir wât e Kapd ka gin :
Eng dañkbar Lëft zu jidder Stonn.
Si wèrd mat dir dûrch d'Liewe gô'n
Wë Rösendoft a Sonneglapz ;
Dât sollen och des Blumme sô'n,
Huel s'un fir an dein Èrekranz !
(Brâwo ! ruffen se ronderöm. D'Kanner gin dem Pre-
sidènt hir Rôsen ; hie get vun den Damme félissitéert).
De Klôs: Wë lëf !

De President : Dir meng lëf Könnercher ! Er hîrzech Wîrder hu mech dëf ergraff. Ech danken iech an allen dénen, dë mir haut dë grôss Iwerraschong gemâcht hun. Hir Gesönnongen ēeren onst Wîerk ann si sèlwer, dë treimiddech Hañd an Hañd mat mir geschafft hun, fir d'Crèche opzerichten ann ömmer nach ze vergrésseren ann ze verbesseren. Gewöss, ech si stolz drop, dass ech d'Eer ann d'Fréd hât, vun der ëschter Stonn un derbei ze sin ann zesumme mat édelgesónnten Dammen ann Hären e Wîerk ze schâfen, dât nu scho 15 Jôer dées Gudden sòvill gestöfft huet, e Wîerk, dât èngem wirkleche Bedîrfnes entsprach huet ann nach all Dâg më entsprécht. Kaum wor d'Idi lansséert, do waren och schonn honnert Hänn berêt mat unzepâken fir de Kanner am Alter vu sèx Wochen bis zu drëi Jôer, wann hir Mammen dobaussen am frësamen Dëngscht als Stonnefrâen sech fir d'Bròt ofrackere müssen, e stellen, secheren Önnerdâch, e gemîtlecht Hêm ânzerichten. An der Spôtzt vun dénen, dë ons mam Hîerz a mat der Hand gehollef hun, stong allzéit onst verëert Hërrscherhäus. Ann net elëng mat Gëld krûte mir do kräftech önner d'Ärm gegraff, mé e Stéck vun hirem Hîerz, vun hirer Lëft huet ons prenz-

lech Familjen der Crèche geschèukt. Schonns d'Grössmamm vun onser Grosshèrzogin huet ömmer d'Hand driwer gehâlen als Frendin a Protèktorin. Et wor fir si en Hîerzensbedîrsnes ann èng Fréd an d'Crèche ze kommen ann sech mat de Könnercher a mat de Schwesteren frendlech z'önnerhâlen. Ann ons brâf Prenzëssercher hun sech net gençert, mat de Kanner vun déne klèngen a gedréckte Leiden ze spinnen ann hire geplôte Mammen hêmlech e schènen Zuwenir ze schènken. Esò e Beispil wirkt Wonner. Et gëf mech ze wëlt fëeren, wann ech d'Nièm vun allen déne Persönen, Veréiner a Veranstaltunge opzièle sołt, dë esò wéithèrzech ann esò generës fir ons Oeuvre gewirkt hun. D'Städ ann d'Regëerong hun sech net huele lôsst a worn ömmer beihand, wann et gegollen huet. Gesank- a Musekgesellschâften hu wirklech matené konkurréert, fir dë décksten Zomm an d'Crèche liweren ze können. Soguer dëjénech, dë bei hire Fëstlechkêteen virun allem den Amusemènt am A hâten, hun dach an èngem Èckelchen vun hirer Burss ömmer nach èppes fond fir ons Crèche. Ann d'Dammen aus de bëschte Familie vün der Städ hun sech d'Mé net verdrësse lôsst, all Woch en ètlech Stonnen

mat hirer Persön fir d'gutt Sâch ânzetrièden. Wât brâuch ên sech do ze wonneren, wann d'Crèche haut önner de Letzeburger zozialen Arichtongen d'Éreplâz ânholt, zemôl wann esò hêlechmëssech Frâen als Engele vun der Bârmhîerzechkêt op Schrott ann Trött ons Liblenga flégen ann iwerwâchen, fir dass e kên Héerche gekrömmt soll gin. Dañkbar musse mir ons verneige virun de Schwesteren, dë aus Lëft zu Gott ann zur Menschhêt hir Gesondhêt, hir Fréd ann hir Kräft opafferen zum Wifol vun den ârme Könnercher, dë mam Hîerz un hinnen häñken wě un ènger Mamn.

Mir wollen hoffen a biëden, dass all dë gutt Hîerzer, dë onst Wîerk mat hirer Lëft, mat hirem Gëld ann hirer Aarbecht hêchgehâlen hun, honnert- ann dausendsach duersir belönt gin, schonn elèng durch dé Gedanken, dass si déne Familjen, dë net mat Hâb a Gutt gesént sin, vlächt hirt d'Lëfst ann hirt Bëschter gerëtt hun, nämlech hir Kanner. — (Brâwo! Brâwo! vun alle Sêiten.)

De Klôs (dén sech e puor Môl d'Ae gewöscht huet iwer der Ried): Här President! (l'Grët zët e mam Arem fir dass e soll röech sin). Et muss eraus, 't ka kaschte wât et wölt. Dât elo wor einôl èng Ried. Härrjé net nach! Dë

huet mer d'Hérfz am Leif ronderömer gedrét.
Jo, Här President, et huet d'Kräinp kascht
fir mech ze hôlen. E puor Tréne si mer
ower entwutscht. Nêñ, ni hätt ech mir dât
drême lôsst, dass nach esò vill gutt Leit op
der Wëlt wären. Kuckt, haut sin ech erësch
rècht stolze Letzeburger ze sin: wel dë sin aus
ëngem zoliden Holz geschnidden: d'Fauscht
um A ann d'Hérfz op der Hand. Wann ê vun e
Bròt huet, da leid den Nôper och kën
Honger. Rëspèkt fir esò e Vollék! Et ass
e klëngt, mè ower e rèngt, ann ons Gross-
hèrzogin dârf sech mèngen. Ann dât
passt ëch alles esò gutt zesummen, dass
ê seng Fréd drun huet. Ann elo fänke
mir erësch un ze liewen, gëlt d'Grët, wëll
mer gesin, dass alles anenânergrëift wë
d'Rieder vum ëngem Walzwîerk. Dât ênt
dreift dât ânert. Jo, Här President, mir
Letzeburger hôlen zesumme wë Klëtten
— jidderê schafft wë a wàt e kann —
ann den Härrgott suforgt fir dât ânert. Ann
duorfir russen ech ann onst Grët: D'Letze-
burger Crèche soll liewen hoch! hoch! hoch!

(Sie sangen all zesummen) :

Dât rèngste Gléck.

Dât rèngste Gléck kënnnt dén elèng,
Dé gier dém âner Guddes dêt,
Dén aus dem Wé drët Där a Stëng,
Dass kën sech hölt dru Wonn a Lëd;
Dé villes get vum Iwerfloss,
Dén him den Härrgott huet geschëupt;
Dén an der Fréd ann am Genoss
Nach ömmer un dë Arem dëupt.

2.

Sô hûrtech ass e Schmîerz gestöllt,
Dât d'Liewe bâl verbattert hât,
Mat ènger Fréd en Hîerz geföllt,
Op dât sech schonn e Rölf gesât.
Dât ass dë schënnt, dë glécklechst Stonn
Ann d'Ierd get bâl dem Himmel gleich,
Wann d'Menshelëft mat hirer Sonn
Dürchwîermt all Hîerzer, ãrm a réich.

